

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2022

Här President,


esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mëttelstandsminister an un den Här Energieminister weiderzeleeden.

A Frankräich ass et vum 31. Mäerz u verbueden, datt d'Terrassen nach dierfe Material opstellen, fir dobaussen ze hëtzen. An engem Artikel vum Paperjam vum 30. Mäerz heescht et, datt den Här Mëttelstandsminister net wëlles hätt, dëse Verbuet och hei zu Lëtzebuerg anzeféieren. Am Hibleck op d'Bestriewunge vun der Regierung, all Méiglechkeeten ze notzen, fir Energie anzespueren, mécht sech elo awer och den Horeca-Secteur zu Lëtzebuerg Suergen, datt et awer eventuell eng Kéier zu enger Decisioun kéint kommen, duerch déi d'Terrassen vun engem bestëmmten Zäitpunkt am Joer un net méi baussen hëtzen dierfen.

An deem Kontext hätte mir folgend Fro un d'Regierung:

- Wëll d'Regierung weider d'Recht vun de Bedriewer vun Terrasse respektéieren, fir selwer ze decidéieren, wéini a wéi si hiert Material fir d'Hëtze vun hiren Terrasse benotzen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten



Fred Keup  
Deputéierten